# Rapport Referees' Commission - 16.12.2025

Present : Geib, Keiffer N., Keiffer F., Kröpelin, Nesser, Weinquin, Weinzierl, Volz

Entschëllegt : Courtois, Frieseisen, Welter

1) ***Adoptioun vum Rapport vum 04.11.2025***

2) ***Formatioun***
   - *Déi zweet Formatioun fir all Arbitter war den 13.12.2025. Thema war „Passives Spiel". Leider hate vill Arbitter den Datum net méi op der Lee an hunn den Dag verpasst. D'RefCom probéiert fir déi nächst Sessiounen e puer Deeg virdru Rappeller ze schécken.*
   - *D'RefCom freet d'Arbitter awer fir sech d'Datumer DIREKT opzeschreiwen, an sech ofzemellen, wann se verhënnert sinn. (Mail un arbitre@flh.lu)*
   - *Déi nächst Seance sinn **– w.e.g. d'Datumer elo schonn notéieren***
     - *28.02.2026 – Thema gëtt nach definéiert*
     - *29.04.2026 – Feedback FLH Final4*
     - *22. & 23.08.2026 - Stage Ufank Saison 26/27 (geplangt)*

3) ***Arbitter C-Schäin:***
   *Enn neien C-Schäin ass an der Preparatioun. Fir een Iwwerbléck ze hunn, an och sécher ze goen, dass mir de Minimum vu Kandidate fir e Cours hunn, sollen déi interesséiert Leit sech elo scho bei der FLH umellen. De Formular ass hei ze fannen:*
   *https://www.flh.lu/fileadmin/flh/Arbitrage/inscription_CycleInf_Hand_Formulaire.pdf*
   *Soubal d'Datumer stinn, ginn déi Leit da kontaktéiert.*

4) ***Tester Play-off***
   - *D'Tester fir de Play-off AXA-League sinn:*
     - *De Freiden 09.01.2026 vun 19:00 – 21:00 zu Miersch am CSP*
     - *De Samschden 24.01.2026 vun 10:00 – 12:00 zu Uewerkuer (Hall John Scheuren)*

5) ***Austausch mam Ausland:***
   - *Den Austausch mat Éisträich ass op Februar/Mäerz 2026 festgeluecht a verschidden Datumer sinn ausgetosch ginn. Mir waarden op de Retour aus Éisträich.*
   - *Aus Süd-Dänemark waarde mir och op de Retour, op si op de proposéierten Datumer (27.-29.02.2026) kënnen op Lëtzebuerg kommen.*
   - *Fir de Prag Handball Cup 2026 (2.-6. Abrëll 2026) hunn sech Arbitter fonnt. D'Noémie Keiffer koordinéiert alles mat Prag.*

- *Um "Girls U11 Mini World Cup" zu Tréier waren 2 JAD vum HB Museldall am Asaz. Trotz e puer Problemer wéinst feelender Informatioun wat d'Jugendformel ugeet, hunn si déi Saach ganz gutt gemeeschtert. D'RefCom gratuléiert deenen 2 fir hire gelongenen Asaz.*
- *D'RefCom ass och op Sich no Arbitter fir den ISF WSC HANDBALL 2026 (19.-30. Abrëll 2026). Interesséiert Arbitter kënne sech bei der RefCom mellen (arbitre@flh.lu)*
- *Een Austausch mat der Belsch a mat Holland ass am Moment och am Gespréich. Hei mussen awer nach Detailer gekläert ginn.*

6) ***Arbitter fir Turnéier zu Lëtzebuerg:***
*D'RefCom wëll d'Veräiner nach eng Kéier informéieren, dass si fir hier Turnéier selwer mussen Arbitter organiséieren. Nom Turnéier soll de Veräin eng Lëscht eraschécken (arbitre@flh.lu), wie wat gepaff huet, fir dass d'Arbitter déi Matcher ugerechent kréien.*

7) ***Kontroll Sportshalen:***
*Déi nei gezunne Linnen an den Hale vun Diekirch a vu Redange ginn an der nächster Zeit vum Francis Keiffer ofgeholl.*

8) ***Behuelen Zuschauer:***
*D'RefCom huet festgestallt, dass et bei Matcher méi a méi oft, vun der Tribün aus, zu perséinlechen a rassistesche Beleidegunge vun den Arbitter oder dem Géigner kënnt. D'RefCom wëll hei op den Artikel 42 vum Code du Handball opmierksam maachen.*
***Art. 42.***
*Les clubs sont responsables du comportement de leurs officiels, de leurs joueurs/joueuses et de leurs supporters. Si des incidents surviennent avant, durant ou après le match, les sanctions prévues au barème des amendes et sanctions seront appliquées au club fautif après une enquête menée par le tribunal fédéral.*
*Si des incidents surviennent avant, durant ou après le match, les sanctions prévues seront appliquées au club fautif (voir aussi code disciplinaire) après une enquête du tribunal fédéral.*
*En outre peuvent être prononcés contre le club recevant :*
*a) des amendes supplémentaires allant de 25 € à 125 €*
*b) le huis clos à domicile pour 1 à 3 journées*
*c) des rencontres à jouer sur terrain neutre allant de 1 à 3 journée*
*D'RefCom freet dowéinst d'Veräiner déi ongewollten Aussoen ze ënnerbannen an dofir ze suergen dass hier Supporteren hier Ekipp fair a sportlech ënnerstëtzen. Dëst fält och ënner d'Aarbecht vum Delegué d'ordre.*
*D'RefCom wëll awer och drop hiweisen, dass Arbitter, Delegué, Memberen a Staff vun der FLH an de Kommissiounen, solle mam gudde Beispill virgoen.*

9) ***Prozedur virum Match (AXA-League)***

*D'RefCom wëll d'Veräiner aus der AXA-League un d'Prozedur virum Match erënneren. 2 Saache sinn an der leschter Zeit opgefall:*

- *Keen Offiziellen disponibel fir d'technesch Sëtzung 45 Minutte virum Match*
- *D'Ekippe si 6 Minutte virum Match net prett fir d'Presentatioun*

*Sollt d'Prozedur an Zukunft nach ëmmer net agehale gi, dann aviséiert d'RefCom hier Arbitter dat um SBO ze notéieren. An dem Fall ginn dann och d'Strofen nom Artikel 40f vum Code du Handball ausgeschwat.*

*Déi ganz Prozedur fannt dir op der Säit vun der FLH:*
*https://www.flh.lu/fileadmin/flh/Arbitrage/Matchprozeduren_ND.pdf*

D'Refcom wënscht der ganzer Handballfamill schéi Feirdeeg

***Nächst RefCom: Dënschden de 27. Januar 2026 um 18h30***
***zu Stroossen an der Maison des Sports (Sall 2)***